**Evangelium vum 33. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)**

**Mt 25,14-15.19-21** (Kuerzfaassung)

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

14 De Jesus huet senge Jünger dat heite Gläichnes erzielt:
"Mat dem Himmelräich ass et wéi mat engem Mann,
deen op d'Rees gaang ass.
Hien huet seng Dénger geruff
an hinnen säi Besëtz uvertraut.
15 Deem engen huet hie fënnef Talenter[i] ginn,
deem aneren der zwee,
nees engem aneren eent,
jidderengem senge Fähegkeeten no,
an dunn ass hien op d'Rees gaang.

19 No laanger Zäit ass deenen Dénger hiren Här zréckkomm
an huet d'Ofrechnung mat hinne gemaach.
20 Deen, deen déi fënnef Talenter kritt hat, ass dohigetratt
an huet nach fënnef aner Talenter matbruecht.
Hie sot: 'Här, fënnef Talenter has du mir uvertraut;
kuck, ech hunn der nach fënnef derbäiverdéngt!'
21 Säin Här sot zu him:
'All Respekt,
du bass e gudden an zouverléissegen Dénger!
Bei deem bëssche waars du zouverléisseg,
duerfir wëll ech dech och asetzen iwwer villes.
Komm, free dech mat mir![ii]'"

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *1 Talent = 6.000 Drachmen = 6.000 Denaren = 6.000 Sëlwermënzen; 1 Sëlwermënz war deemools den normalen Dagesloun vun engem Aarbechter.*
[ii] *Wuertwiertlech: Komm eran an dengem Här seng Freed!*